N°3712
Entrée le 30.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3712 du 3 mars 2026 de l'honorable Député Mars DI BARTOLOMEO concernant « Contrôle et respect du salaire social minimum au Luxembourg ».**

**Fro 1:** **Wéi sinn d'Kontrollmechanismen a Lëtzebuerg am Beräich vum gesetzleche Mindestloun organiséiert?**

D'Respektéiere vum gesetzleche Mindestloun gëtt am Kader vun de Missioune vun der ITM iwwerwaacht.

D'ITM ass zoustänneg fir drop opzepassen, datt d'gesetzlech Bestëmmungen am Beräich vun den Aarbechtsbedingungen souwéi vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbecht richteg ëmgesat ginn. Dozou gehéiert och, datt de gesetzleche Mindestloun vun den Employeuren respektéiert gëtt.

Am Kader vun senge Missioune féiert d'ITM Kontrollen bei den Entreprisen duerch. D'Kontrollen kënnen aus eegener Initiativ vun der ITM gemaach ginn oder no engem Signalement oder enger Plainte.

Bei déene Kontrollen kënnen d'Inspekteren ënner anerem déi relevant Dokumenter iwwerpréiwen, fir ze kontrolléieren ob de gesetzleche Mindestloun agehale gëtt. Dobäi kann et sech beispillsweis ëm Aarbechtskontrakter, Pai-Fichen, Regëster iwwer d'Aarbechtszäit, Beweiser iwwer d'Paiementer vun de Salairen oder aner Dokumenter handelen, déi mat der Aarbechtsrelatioun an der Pai vun de Salariéen ze dinn hunn.

Wann dobäi Onreegelméissegkeeten festgestallt ginn, kann d'ITM den Employeur invitéieren, d'Situatioun an d'Rei ze bréngen, zum Beispill andeems déi nach geschëllten Montanten un déi betraffe Salariéen nobezuelt ginn. Wann néideg, a jee no Situatioun, kënnen och administrativ oder penal Sanktiounen ageleet ginn, wann d'Situatioun net regulariséiert get.

**Fro 2:** **Wéi gesäit déi aktuell Situatioun a Lëtzebuerg aus wat d'Anhale vum Mindestloun ugeet? Wéi vill Kontrollen a wéi vill Verstéiss goufen an de leschte Joren festgestallt?**

An den Joren 2020 bis 2026 huet d'ITM follgend Unzuel vu Kontrollen duerchgeféiert wat d'Anhale vum Mindestloun ugeet an dobäi follgend Unzuel vu Verstéiss festgestallt:

| Joer | Kontrollen | Verstéiss |
|---|---|---|
| 2020 | 1.062 | 40 |
| 2021 | 1.142 | 85 |
| 2022 | 1.243 | 67 |
| 2023 | 1.431 | 74 |
| 2024 | 1.335 | 43 |
| 2025 | 1.367 | 26 |
| 2026 (bis den 11.03) | 308 | 1 |

**<u>Fro 3:</u> A wéi enge Secteuren oder Beräicher goufen an de leschte Joren am meeschte Verstéiss géint de gesetzleche Mindestloun registréiert?**

An de Joren 2020 bis 2026 huet d'ITM an follgende Secteure follgend Unzuel vu Verstéiss géint de gesetzleche Mindestloun festgestallt :

| Secteur | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 | 2026 (11.03) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Landwirtschaft | 1 | 4 | 3 | 6 | 2 | 1 | - |
| Industrie | 3 | 3 | 2 | 1 | 1 | - | - |
| Bau | 5 | 14 | 6 | 8 | 8 | 2 | - |
| Handel | 2 | 7 | 12 | 11 | 3 | 2 | - |
| Transport | 4 | 3 | 4 | 5 | 1 | 3 | - |
| Horeca | 16 | 38 | 31 | 32 | 19 | 13 | - |
| Kommunikatioun | 2 | - | - | 1 | - | - | - |
| Finanzen | 1 | 1 | 1 | - | - | 1 | - |
| Immobilien | - | - | 1 | - | - | 1 | - |
| Comptabilitéitsaktivitéiten | - | 1 | 3 | 2 | - | 2 | 1 |
| Botzservicer | 1 | 5 | 1 | 2 | - | - | - |
| Administratioun | - | 1 | - | - | - | - | - |
| Gesondheetssecteur | 1 | 2 | 2 | - | 3 | - | - |
| Fräizäitaktivitéiten | 4 | 4 | 1 | 6 | 5 | - | - |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Privathaushalter | - | 1 | - | - | 1 | - | - |
| Extraterritorial Aktivitéiten | - | 1 | - | - | - | 1 | - |
| **Total** | 40 | 85 | 67 | 74 | 43 | 26 | 1 |

**Fro 4: Wéi eng präventiv Initiativen oder Moossname ginn et a Lëtzebuerg, fir Verstéiss géint de Mindestloun ze verhënneren?**

D'Verhënnerung vu Verstéiss géint de gesetzleche Mindestloun ass e wichtege Bestanddeel vun de Missioune vun der ITM.

An deem Kontext mécht d'ITM verschidden Informatiouns- a Sensibiliséierungsaktiounen, déi sech un d'Employeuren an un d'Salariéen riichten, fir datt d'Reegelen am Beräich vum gesetzlechen Mindestloun besser bekannt sinn. Dat geschitt ënner anerem duerch Informatiounen op der Internetsäit vun der ITM, duerch praktesch Brochuren, duerch Äntwerten op Ufroe vu Betriber oder vu Salariéen, souwéi duerch Kommunikatiounen, wann et Ännerunge bei de gesetzleche Bestëmmunge gëtt, zum Beispill wann de gesetzleche Mindestloun ugepasst gëtt.

Donieft setzt d'ITM staark op eng präventiv Approche bei senge Kontrollen. Wann Onreegelméissegkeete festgestallt ginn, gëtt als éischt versicht, datt den Employeur d'Situatioun fräiwëlleg an d'Rei bréngt andeems déi geschëllten Montanten un déi betraffe Salariéen nobezuelt ginn.

Zousätzlech dozou féiert d'ITM och gezielte Kontrollcampagnen an e puer wirtschaftleche Secteuren duerch wou méi en héije Risiko vu Verstéiss festgestallt gouf.

All dës Initiativen hunn als Zil d'Respektéiere vum gesetzleche Mindestloun ze förderen an am Allgemengen dozou bäizedroen, datt d'Aarbechtsrecht agehale gëtt.

**Fro 5: Wéi eng administrativ oder penal Sanktioune sinn am Fall vun engem Verstouss virgesinn, a wéi dacks goufen dës an der Praxis applizéiert?**

Am Fall vun engem Verstouss géint d'Bestëmmungen iwwert de gesetzleche Mindestloun si souwuel penal wéi och administrativ Sanktiounen virgesinn.

Wat d'penal Sanktiounen ugeet, gesäit den Artikel L. 222-10 vum Code du travail vir, datt d'Employeuren, déi Salairen ënner dem gesetzlech virgeschriwwene Mindestloun bezuelen, mat enger Geldstrof vu 251 bis 25.000 Euro bestrooft kënne ginn. Am Fall vun enger Récidive bannent engem Delai vun zwee Joer kann d'Strof bis op dat Duebelt vum maximale Betrag erhéicht ginn.

Donieft kënnen och administrativ Sanktiounen applizéiert ginn. Geméiss dem Artikel L. 614-13 vum Code du travail kann den Direkter vun der ITM jee no Gravitéit vum Verstouss eng administrativ Geldstrof tëscht 25 Euro an 25.000 Euro festleeën. Beim Festleeë vum Montant ginn d'Ëmstänn vum Verstouss, d'Gravitéit

vum Verstouss an och d'Verhale vum Auteur berücksichtegt. Am Fall vun enger Récidive bannent engem Delai vun zwee Joer kënnen dës Geldstrofen och bis op dat Duebel vum maximale Betrag erhéicht ginn.

D'Applikatioun vun dëse Sanktiounen hänkt dovun of ob den Employeur no der Kontroll d'Situatioun regulariséiert huet. D'ITM setzt am Kader vun senge Missioune prioritär op d'Regulariséierung vun der Situatioun, mee wann néideg kënnen administrativ oder penal Prozeduren ageleet ginn.

D'ITM verfügt net iwwert d'Zuelen vun den Geldstrofen, déi ausschliisslech am Zesummenhang mam Net-Respekt vum gesetzleche Mindestloun leien. Dat läit dorun, datt eng administrativ Geldstrof an der Praxis dacks net nëmmen op éen eenzegen Verstouss bezunn ass, mee méeschtens och aner Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht ëmfaasst an och démno wéi méi wéi éen Salariée betrëfft. Dowéinst ass et net méiglech, d'Zuel vun den Geldstrofen, déi nëmme wéinst dem Net-Respekt vum gesetzleche Mindestloun verhaangen goufen, éenzel unzeginn.

Dat selwecht gëllt och fir d'Zuel vun de Procès-verbaux, déi un de Parquet weidergeleet goufen, well dës an der Reegel och verschidde Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht kënne concernéieren an démno wéi och méi Salariée kënne betreffen.

An den Joren 2020 bis 2026 huet d'ITM follgend Unzuel un Geldstrofen verhaangen an follgend Unzuel un Procès-verbaux un de Parquet geschéckt wou ënner anerem d'Bestëmmunge betreffend de gesetzleche Mindestloun net agehale goufen :

| **Joer** | **Unzuel vun Geldstrofen** | **Unzuel vun Procès-verbaux** |
|---|---|---|
| 2020 | 9 | 3 |
| 2021 | 31 | 3 |
| 2022 | 20 | 1 |
| 2023 | 23 | - |
| 2024 | 16 | 1 |
| 2025 | 5 | - |
| 2026 (bis den 11.03) | - | - |

Luxembourg, le 30 mars 2026

**(s.) Marc SPAUTZ**
**Ministre du Travail**